ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. September 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Déi rezent positiv geteste Coronafäll an der Grondschoul hu mat sech bruecht, datt ganz Schoulklassen a partieller Quarantän sinn. Dës Quarantänform gesäit vir, datt all Kand an Enseignant vun enger betraffener Klass an d'Schoul geet an a physescher Präsenz um Unterrecht deelhëlt. Baussent der Schoul, also an der Fräizäit, duerfen déi nämmlecht Persounen awer d'Haus net verloossen a musse sech do un eng ganzheetlech Quarantän halen.

Well esou eng partiell Quarantän, grad och fir Kanner an Enseignanten, déi net positiv getest sinn a keng Symptomer hunn, zu enger Rei Iwwerleeunge féiert, wéilt ech dem Här Educatiounsminister an der Madamm Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. Wéi e rechtleche Kader gëtt et fir esou partiell Quarantänen?
2. Wéi soll eng Quarantän oder och eng partiell Quarantän fir Kanner doheem organiséiert ginn? Kritt ee vun den Eltere Congé, respektiv d'Recht op Heemaarbecht (Teletravail), well d'Kanner mëttes dann och net méi kënnen an e *foyer scolaire* oder an eng Betreiungsstruktur goen? Wa jo, wéi eng Zort Congé hunn d'Elteren an deem Fall zegutt a fir wéi laang?
3. Stëmmt et, datt d'Santé den Eltere schrëftlech recommandéiert, e Kand isoléiert a sengem Zëmmer ze loossen, an datt et eleng iesse muss? Wa jo, wéi ass dat um Niveau vum séilesche Wuelbefanne vum Kand ze rechtfäerdegen? Ass d'Santé sech bewosst, datt net all Kand eng eege Kummer doheem huet?
4. Gouf e Kannerpsycholog um Entworf vun deene Recommandatiounen un d'Eltere bedeelegt? Oder gouf op d'mannst den Avis vun engem Kannerpsycholog gefrot?
5. Kréien d'Elteren, wann d'Kand a Quarantän muss, vun der Santé och Recommandatiounen, wéi een dem Kand d'Situatioun erklläert oder kréie si vun der Santé automatesch Adresse mat vermëttelt, un déi si sech wende kënnen, wa si Rot am Ëmgang mat der Situatioun sichen? Wa jo, wat fir Recommandatiounen an Adresse ginn do vermëttelt?

6. Ugeholl an enger Klass triede vereenzelt positiv geteste Fäll an zäitlechen Intervallen op. An esou enger Situatioun misst all Kand an Enseignant vun där Klass iwwer länger Zäit a partieller Quarantän bleiwen. Dat bréngt awer eng Rei organisatoresch Schwieregkeete fir den Alldag mat sech, déi psychologesch a praktesch fir déi Betraffen an hir Famill ganz schwéier sinn. Wéi eng Léisungen huet d'Regierung fir déi Situatioun, wou eng Klass net méi aus der partieller Quarantän erauskënnt, well et an där nämmlechter Klass sukzessiv zu eenzele positiv geteste Fäll kënnt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten